Lëtzebuerg, de 17. August 2024

## *D'CSV TRAUERT ËM DE MAX HENGEL*

Mat schwéierem Häerz an immens grousser Trauregkeet krute mir d'Noricht vum Max Hengel sengem Doud matgedeelt. Hien huet säi Liewe ganz an den Déngscht vu senge Matmënschen an eisem Land gestallt.

Mat him verléiert Lëtzebuerg en engagéierten a kompetente Politiker mat engem groussen Häerz.

De Max Hengel, gebuer den 8. Mee 1977 zu Lëtzebuerg, huet Droit, Politikwëssenschaften a Geschicht studéiert. Säit 1998 war hie bei der CSV aktiv, wou hien als stellvertriedenden Sekretär a politesche Koordinator täteg war.

An der Gemeen Wormer huet hien als Gemengeconseiller vun 2011 bis 2017 gedéngt, a war duerno als Schäffe vun 2020 bis 2023 aktiv. Vum 2017 bis 2020 war hie Buergermeeschter vun der Gemeng, eng Roll, déi hie säit dem 10. Juli 2023 erëm iwwerholl huet.

Deputéierte war hie säit dem 11. Januar 2022, an des Weideren Vize-President vun der CSV-Fraktioun. De Max Hengel war President vun der Kommissioun fir Santé a Sécurité Sociale a war och Member vun de Kommissioune fir Educatioun, Pétitiounen, Sport, Affaires Intérieures, Logement an Aménagement du Territoire a Tourismus.

Zousätzlech war hie President vum CSV-Bezierk Osten a Member vum Nationalkommitee.

Nieft der Politik war de Max awer virun allem e Familljemënsch a mam Osten déif verbonnen. Als Politiker an a sengem Privatliewen, esou zum Beispill am Beräich vum Sport, huet hien ëmmer den enke Kontakt zu de Mënsche gesicht a gepflegt. De Max huet sech ausgezeechent duerch seng Jovialitéit a seng grouss Hëllefsbereetschaft.

Max, däin Asaz, deng Liewensfreed an däi Courage, och am Kampf géint de Kriibs, bleiwen onvergiess. Mir wäerten dech vermëssen.

Eis Gedanke sinn an dëser schwéierer Zäit bei senger Famill, senger Fra a sengen zwee Jongen. Mir drécken hinnen eis opriichtegt Bäileed aus.

| **Luc Frieden** | **Alex Donnersbach** | **Françoise Kemp** | **Marc Spautz** |
|---|---|---|---|
| *Parteipresident* | *Generalsekretär* | *Generalsekretärin* | *Fraktiounspresident* |